

GEFÄLSCHT BANKWEBSÄITEN (SPOOFING)

Bank Phishing E-Mailen enthalten normalerweise Linken, déi zu enger virgetäuschte Websäit féieren, wou Dir gebiede gitt, är finanziell a perséinlech Informatiounen erauszeginn.




WAT SINN D'ZEECHEN?

Eng virgetäuscht Bankewebsäit gesäit bal esou aus wéi hire legitime Pendant. Sou Säiten weisen oft eng Pop-up Fënster un, wou Dir gebiede gitt, är Umelldonnéë fir dës Bank erauszeginn. Richteg Banke gebrauchen keng esou Fënsteren.

Dës Websäite weisen normalerweise Folgendes un:

Urgencen: esou Messagë fannt Dir net op legitime Websäiten.



Pop-up Fënsteren: déi ginn normalerweise benotzt fir sensibel Informatiounen vun lech ze kréien. Klickt net drop a vermeit perséinlech Donnéeën an esou enger Fënsteren anzeginn.

Schlechten Design: sidd virsiichteg mat Websäiten, déi Mängel am Design opweisen oder Schreif- a Grammatiksfeeler hunn.

WAT KËNNT DIR MAACHEN?



Klickt ni op Linken, déi an E-Maile sinn, déi op d'Websäit vun ärer Bank féieren.



Tippt ëmmer manuell op de Link oder gebraucht en existente Link vun ärer Favorittelëscht.



Gebraucht ëmmer e Browser, deen et lech erlaabt, **Pop-up Fënsteren** ze blockéieren.



Wann eppes wierklech Wichteges zu ärer Kenntnis soll kommen, dann gëtt är Bank lech doriwwer Bescheid, wann Dir an ären online Kont eragitt.

#CyberScams